

Här Fernand Etgen  
President vun der Deputéiertechamber  
19, um Krautmaart  
L-1728 Lëtzebuerg

Mamer, de 16. August 2021

Här President,


sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Familljeminister weiderzeleeden.

Mir si rezent eng Rei Virfäll zougedroe ginn, déi am Hibléck op d'Gestioun vun de Fleege- an Altersheemer awer eng ganz Rei Froen opwerfen. Deemno ass et esou, datt vill Fleege- an Altersheemer iwwerfuert sinn, fir sech grad Nuets ëm d'Bewunner ze këmmere, besonnesch ëm déi Bewunner, déi méi gebriechlech sinn an z.B. och dacks falen. Dëst hätt virun allem personaltechnesch Grënn; et géif also massiv u Personal feelen. Dëst féiert dozou, datt et heefeg virkënnt, datt Patienten sech verletzen, respektiv, falen a mussen an d'Klinick transferéiert ginn, wou si an den Urgencen zudeem mat laange Waardezäite konfrontéiert sinn.

An deem Kontext hätt ech folgend Froen un d'Madamm Minister:

1. Kann d'Madamm Minister confirméieren, datt an de Fleege- an Altersheemer allgemeng e grouse Mangel u Personal ze verzechnen ass?
2. Wann nee, wéi ass et ze verstoen, datt just verhältnesméisseg esou wéineg Personal den Nuetsdéncht assuréiert? Gedenkt d'Madamm Minister aktiv ze ginn, fir e Méi u Personal fir de Nuetsdéncht ze assuréieren?
3. Wa jo, wéi gedenkt d'Madamm Minister deem entgéintzewierken?

Mat déiwem Respekt,



Fred Keup  
Deputéierten